N°8007
Entrée le 19.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro n°8007 vum 19. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Äntwert op d'Fro 1**

Déi däitsch Autoritéiten hunn d'Membere vum Schengen-Raum Mëtt Abrëll 2023 iwwert d'Verlängerung vun den temporairen Kontrollen ob der däitsch-éisträichescher Bannegrenz ab dem 12. Mee 2023 fir eng Dauer vu 6 Méint informéiert, dëst no den Artikele 25 bis 27 vum Reglement (EU) 2016/399 („Schengener Grenzkodex").

An der selwechter Notifikatioun deelt Däitschland mat, u sengen anere Schengen-Bannegrenzen situationsofhängeg Kontrollen an ënnerschiddlecher Intensitéit duerchzeféieren. Den Artikel 23 vum Schengener Grenzkodex erlaabt et den zoustännegen Autoritéiten, an der däitscher Grenzregioun stéchprouwen-méisseg Kontrollen duerchzeféieren am Kontext vu méigleche Menacë vun der ëffentlecher Sécherheet. Dëst ënnert der Viraussetzung allerdéngs, dass des Kontrollen net déi selwecht Wierkung hunn ewéi Grenziwwergangskontrollen, also eng regulär Iwwerwaachung op der Grenz.

**Äntwert op d'Fro 2**

Aus dem Schengen-Statusbericht 2023 vun der Europäescher Kommissioun geet ervir, datt d'Memberstaaten d'lescht Joer am Ganzen 28 Mol Kontrollen un de Bannegrenzen nees agefouert oder verlängert hunn. Vun deenen 28 Kontrolle stinn der 19 a Relatioun mat der Verlängerung vun existenten, zënter 2015 a Kraaft getruedene Kontrollen op den EU-Bannegrenzen. Aktuell (Stand 13. Juni 2023) hunn ëmmer nach sechs Schengen-Staaten Kontrollen op hire jeeweilege Bannegrenzen notifiéiert. Des Zuelen weisen, datt de Schengen-Raum den Ament net esou funktionéiert wéi e soll.

D'Lëtzebuerger Regierung setzt sech dofir an, datt d'Persounefräizügegkeet e Grondrecht fir ons Bierger bleift, an all Ausnam vun dësem Grondprinzip muss proportional sinn an enger strenger Kontroll ënnerleien. Et mussen Ustrengungen ënnerholl gi fir Moossnamen ze promovéieren déi dat grenziwwerschreidend Liewen, d'Mobilitéit vun eise Bierger a Wirtschaftsacteuren, manner staark beanträchtegen ewéi d'Neesaféiere vu Kontrollen op onse Bannegrenzen.

Dës restriktiv Lecture gouf och vum Europäesche Geriichtshaff a sengem Uerteel vum 26. Abrëll 2022 (Affäre C-368/20 a C-369/20) zur maximaler Dauer vu Kontrollen un de Bannegrenze confirméiert: och wann de Schengener Grenzkodex d'Neesaféiere vun temporäre Bannegrenzkontrollen ënner ganz bestëmmte Konditiounen erméiglecht, sou kann sou eng Mesure déi sech op eng bestëmmte Menace bezitt déi maximal Gesamtdauer vu 6 Méint net depasséieren.

**Äntwert ob d'Fro 3**

Souwuel um politeschen ewéi och um techneschen Niveau féiert d'Regierung hir Beméiunge weider fir den Acquis vun der Persounefräizügegkeet ze verdeedegen an ze konsolidéieren. Lëtzebuerg encouragéiert d'Kommissioun an hirer Roll als Wiechterin vun den europäesche Verträg déi néideg Moossnamen ze huele, fir datt de Schengen-Grenzkodex integral respektéiert gëtt. Zënter dem Hierscht 2022 ass d'Kommissioun an engem enkem Dialog mat de concernéierte Schengen-Staaten fir op en Ophiewe vun de laangfristege Kontrollen hinzeschaffen. Des Weideren huet d'Kommissioun am Kader

vum Schengen-Statusbericht 2023 annoncéiert e formelle Konsultatiounsprozess geméiss Artikel 27 vum Schengener Grenzkodex mat alle betraffene Memberstaaten anzeleeden, souwéi hir Intentioun manifestéiert, vun deenen hir zur Dispositioun stoende rechtleche Mëttele gebrauch ze maache, sollten des Consultatiounen zu kengem Resultat féieren.

Ze notéieren ass och, datt um europäeschen Niveau aktuell un enger Reform vum Schengener Grenzkodex geschafft gëtt. Déi generell Orientatioun vum EU Conseil gouf am Juni 2022 vun de Memberstaaten ugeholl an ass e wichtege Schrëtt zu weidere Garantien zum Schutz vun der Persounefräizügegkeet vun onse Bierger. Lëtzebuerg huet sech während den Négociatiounen am Conseil zur Reform vum Schengener Grenzkodex fir eng signifikant Verbesserung vum Text staark gemaach: déi generell Orientatioun vum Conseil stellt kloer, datt Kontrollen op de Bannegrenzen dat leschte Mëttel solle sinn, gesäit obligatoresch Consultatiounen an Dialoger vir, a verlaangt wierksam Moossname fir Auswierkunge vu Grenzkontrollen op déi grenziwwerschreidend Regiounen esou kleng wéi méiglech ze halen. Aktuell waart de Conseil nach op d'Positioun vum Europäesche Parlament, fir datt d'Trilogen ufänke kënnen.

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2023

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn